# *forum*-Gespréicher um Walowend ...

## ... mam Camille Gira a Charel Goerens

*forum:* Déi grouss Sensatioun am Norden as déi, dass den ADR e Sëtz gewonnen huet, obschon e bis elo an der Chambre absent war, wéinstens an der Praxis och wann ët nët an der Théorie war. Dat heescht, d'Chambersaarbecht huet keen Afloss op d'Walresultat.

*Camille Gira:* Nee, déi zwou Saachen hu näischt matteneen ze din. D'Lëtzebuerger Revue hat jo e bëssen eng Hitparad publizéiert. Do gesäit ee, wat fir eng Leit aktiv Chambersaarbecht maachen a wéi eng nët. A gewësse Leit vun där dote Partei hu 5 oder 6 Riede gehalen oder och nach e puer weider, an aner Leit hu wiirklech probéiert sériö Alternative fir de Norden opzeweisen. Ët as wiirklech méi rentabel op all Begriefnis am Norden ze goen an op all Dëppefest an do eng Rei Tournéeën ze gin. Dat bezillt sech effektiv méi aus wéi wann ee probéiert inhaltlech Alternativen fir dee Beziirk op den Dësch ze leën.

*forum:* Wéi as dann dee Succès vum ADR ze erklären?

*Charel Goerens:* Zum Deel duerch eng immens Chance, well ët as ëm e puer honnert Stëmmen gaangen, ween den 2. Reschtsëtz kréich, d'Sozialisten oder den ADR. An doduerch dass den ADR d'Lotterie gewonnen huet, stin së als déi risegrouss Gewënner do. Mä prozentual hu së nët schrecklech vill gewonnen. Ech géng soën, datt den OGBL an d'Sozialisten onrecht hate, fir d'Sozialpolitik a besonnesch d'Pensiounspolitik nach eng Keier ze thematiséieren, well dat huet sech voll zum Avantage vun de Poujadisten ausgewierkt an dat erklärt menger Meenung no deen Essor, deen den ADR am leschte Mount kritt huet, well virdrun hat een dat Gefill do nët.



Ech hun an deene leschten dräi Woche nët méi esou dee positiven Opwand gespuert wéi dat virdrun de Fall war. Ech mengen de Camille Gira an ech hun och vu massech Leit héieren, si géngen dës Kéier gréng stëmmen. Datt d'Sozialisten nët méi sou fest am Suedel souzen, dat hu mir gespuert.

*forum:* De Norden as deen eenzege Beziirk, wou déi Gréng gewonnen hun. Et sin zwar nëmmen e puer Prozentpunkten hannert dem Komma ...

*Camille Gira:* Et as 0,7%. Wann een 8% an eppes huet, as dat guer nët sou schlecht. Ët sin 10% Stëmme weider. Ech mengen mir hun d'lescht Kéier och effectif matt Chance e Reschtsëtz kritt. Mir hun elo e feste Sëtz. Ënnert deenen doten Ëmstänn kann een domatt déck zefridde sin.



*forum:* Wéi as dann elo iwwerhaapt déi politësch Landschaft am Norden ze gesin? D'CSV hat jo ëmmer am Norden hir Héichbuerg. Dat as manifestement nët méi de Fall. Lo schéngt do den ADR sëch breet ze maachen. Déi Gréng si jo nët schlecht vertrueden. D'DP as bal um 3. Sëtz, also bal sou staark wéi d'CSV. Wéi as déi Entwécklung ze verstoën?

*Charel Goerens:* Ech géng nët soën dass d'CSV am Norde stukurell schlecht gestallt wir, si läit nët wäit ewech vum 4. Sëtz. D'CSV huet esou vill Rescht beim 3. Sëtz, datt ët nët denkbar as, datt si dorënner fällt. Ech ka mir dat einfach nët virstellen. Fir mech sin d'Sozialisten ënnerbezuelt. Duerch dee liichte Verloscht vun de Sozialisten huet den ADR ee Sëtz bäikritt. Ech géng awer mengen, datt ët nët duer geet fir kuerz-, mëttel- a laangfristeg de Leit ëmmer nëmme simpel oder ganz simplistisch Messagen ofzegin. Déi traditionell Parteie musse wahrscheinlech alleguer iwwerleën, ob se nët nach méi Iwwerzeejungsaarbecht misste maachen amplaz op dee Niveau vu Broutnäid erofzeklammen wéi anerer dat praktizéieren. Ët muss einfach duerch méi Iwwerzeejungaarbecht de Leit kloer gemaach gin, dass am Norden eng Partie strukturell Problemer sin, an der Économie ënner anerem. Ech wëll op jiddefall nët d'Kohärenz an d'Responsabilitéit vun menger Partei op d'Spill setzen an elo unfänken demagogesch ze gin.

*forum:* Camille Gira, gesäiss du dat och esou?

*Camille Gira:* Ech muss wiirklëch soen, dass ët frustrant as, dass ee, wann ee konkret Ideën op d'Tapéit leet fir den Norden, wéi souwuel d'DP an och mir ët gemaach hun, dass dat manner hono-

réiert gët wéi wann een einfach matt Präsenz op allen Däppefester méi wäit viru kënnt. Déi Stëmme sin deelweis kaf an ech hun elo nach héieren, dass déi Partei urifft op e Bal a seet: Hei mir gin 10.000 Frang an d'Kees, eisen Deputéierten kann zwar nët kommen, ... Sou funktionéiert déi do Geschicht. Dat do si Stëmme kaaft.

*forum:* Dir sot Iwwerzeejungsaarbecht. Wéi maach dir als Partei dann eng Iwwerzeejungsaarbecht? Do gët geschwat vun deenen Interventiounen op Baler, dat as Demagogie pure. Mä wou fannt dir da Leit, matt denen dir déi Iwwerzeejungsaarbecht maacht?

*Charel Goerens:* Mir begéinen an de Walversammlunge ...

*forum:* Gin d'Walversammlungen dann nach ëmmer esou besicht?

*Charel Goerens:* D'Walversammlungen waren ongeféier esou besicht wéi d'lescht Kéier. Wann een an engem Owend tëschend 50 an 100 Leit begéint, da kann ee nët soen, dat wär kee repräsentative Quierschnëtt.

*Camille Gira:* Ech stellen e generelle Phänomen fest. Ech si vun X Leit ugeschwat gin, déi ech awer fir einigermoossen intelligent halen, déi Null wëssen, wéi eise System funktionéiert, déi sëch nët bewosst sin, dass wann se panachéieren gin op 3-4 Lëschten, se grad sou gudd doheem bleiwe kéinten. Et si Leit dobäi, déi eng Première gemaach hun, souguer nach méi héich Études. Ech hu genuch Telefonsuriff kritt vu Leit, déi mir no stin, déi an der Géigend vu Stengefort wunnen, a nët wëssen, a wat fir engem Walbezirk se sin, ob dat Zentrum oder Süden as a.s.w. Dat do as e fundamentale Problem. Dann hu natiirlech déi Leit, déi Populismus maachen an déi einfach irgendwou eng Tournee gin oder 10.000 Frang engem Veräin an d'Kees gin, ët einfach, well déi kréie nach e puer Stëmmen. A besonnesch an dene klenge Landbeziirker, wann do ee Kandidat 2 Stëmme kritt, dann huet déi Partei 20-25% vun deem senge Stëmme kritt.

*Charles Goerens:* Dofir sin ech der Meenung, ët sollt een déi ganz Walbeziirker hei am Land iwwerdenken. De Süde matt 23 Sëtz as menger Meenung no iwwerbezuelt. Ët soll een do en Deel vum Capellener Kanton eraushuelen. Ët soll een och den Zentrum e bëssen ofspecken an déi Landgemengen eraushuelen an déi bei de Norden setzen an den Osten dobäi. Dann hätte mir dräi Beziirker, déi ongeféier gläich staark wären. Dann hätte mir déi méi wirtschaftlech-industriell Dimensioun am Südbezirk. Déi méi tertiär Dimensioun géif vum Zentrum repräsentéiert gin an déi ländlech Problematik géif vun engem méi grousse Beziirk repräsentéiert gin, an da kéim ët och nët zu där Lotterie vun där de Camille Gira geschwat huet.

**«Déi traditionell Parteie musse wahrscheinlech alleguer iwwerleeën, ob se nët nach méi Iwwerzeejungsaarbecht misste maachen amplaz op dee Niveau vu Broutnäid erofzeklammen wéi anerer dat praktizéieren.»**

*forum:* Am leschte *forum* gouf d'Propositioun gemaach, fir d'Walbezirker ofzeschafe bei de Legislativwalen an dofir eng zweet Chamber ze kreéieren, déi regional zesummegesat wär, an zwar (wéi a Frankräich de Senat) duerch d'Schefferéit an d'Gemengeréit gewielt. An där wären da pro Kanton zum Beispill zwee Vertrieder. Dann hätt een awer och villäicht d'Méiglëchkeet fir de Populismus erauszekréien.

*Camille Gira:* De Populismus huet näischt matt de Beziirker ze din. De Populismus huet eppes mam Pannachage ze din. D'Resultat am Norden vum ADR sin haaptsächlech duerch de massiven Zougewënn vum Spëtzekandidat vum ADR begrënnt. Dat as den Effet vum Pannachage. Dee sollt een ofschafen, obwuel mir och géngen dorënner leiden. Ech maache mir do näischt fir, well dann hätte mir och kee Sëtz am Norden.

*Charel Goerens:* Ech mengen, datt den Undeel vun de Lëschtestëmmen beim ADR proportionnell méi héich as wéi bei den anere Parteien. Mä ech wollt awer op är Fro äntweren, vun där zweeter Chamber. Mir hu jo europawäit matt engem Phänomen ze din, dee nët genuch eriwwer komm as bei de Leit. Engersäits gi méi Prérogativen op den europäesche Niveau transferéiert an anersäits gin an denen anere 14 Länner och eng Partie Prérogativen op e Niveau subalterne transferéiert. Deen hu mir nët, a bei eis gët dat irgendwéi no engem Lëtzebuergesche Pragmatismus opgefaangen duerch d'Gemengesyndikater, duerch regional Reflexer. Op déi Mannéier as är Suggestioun eppes, dat een sech doutsëcher muss iwwerleeën.

*forum:* Eng aner Fro. Dir sidd duerch den Norden gezunn an äre Walversammlungen. E kontradiktoreschen Débat gouf ët jo am Fong geholl nëmmen iwwer d'Medien. Ass dat nët och eppes wat feelt?

*Camille Gira:* Déi Gréng am Norden hun en Bréif geschriwwe gehat u sämtlech Parteie fir ze soen amplaz deen Aarmut vun Tourneën ze organiséieren, wou jidder Partei 85-90 % vun hire Leit do sëtzen huet, déi iwwerzeegt sin, sollte mer an all Kanton eng bis zwou Table Ronde organiséieren. Déi eenzech déi d'accord waren, dat war d'DP, et pour cause. Do hu mir jo de Problem, well do géng jo opgedeckt gin, wéi schwaach gewësse Leit op der Broscht sin, wann ët géng drëm goen, Ideë fir de Norden oder fir aner Régiounen ze entwerfen. Ganz kloer waren si dogéint.

## ... mam André Hoffmann

*André Hoffmann:* Wat sot dir dann zu däer Ausso, mir hätten déi Lénk geschwächt?

*forum:* Déi Lénk geschwächt?

*André Hoffmann:* Jo, dat sot de Juncker elo op der Télé.

*forum:* Tatsach as, dass all Parteien, déi ee kann zum lénken Spektrum zielen, an der Oppositioun wäerte landen.

*André Hoffmann:* Ech fannen dat as eigentlech gudd, ët gët eng Situatioun déblockéiert.

*forum:* Déi Gréng soen, elo huet d'LSAP hoffentlech endlech verstan,

dass mir nët hir Géigner sin. Dat heescht, ët geschitt am Fong och eng Polariséierung an der Parteielandschaft.

*André Hoffmann:* Also ménger Meenung no jo, well ech huelen un, dass wann d'LSAP déi richteg Schlussfolgerung heieraus zitt, da missten se jo dorop erauslafen, datt dat Spill matt der Mëtt nët opgeet. Dass wann all grouss Parteien sech do an der Mëtt erëmtummelen, dass dat op irgendengem séng Käschte geet. Da muss d'LSAP sech erëm méi däitlëch als eng lénks Partei virun allem a sozialpolitesche Froen duerstellen.

*forum:* Woubäi een nach muss soen, dass dat nët den europäeschen Trend as. Jiddefalls nët an der Sozialdemokratie wéi se am Moment an Europa an de Regirunge sëtzt.

*André Hoffmann:* Wann ech déi Erklärung liesen, déi de Blair mam Schroeder erausgin huet, da sti mir d'Hoer zu Bierg. Ech hun awer matt enger gewësser Satisfaktioun festgestallt, dass de Jospin sech mol däitlech dovun distanzéiert huet. An ech gin och dovun aus, dass sech an der SPD op mannst op der Basis deem widdersat gët.

*forum:* Et as jo awer och erstaunlech, dass am Fong e Sozialthema wéinstens an dene leschte 14 Deeg d'Walcampagne dominéiert huet, nämlëch d'Renteproblematik, an dass grad op dem sozialen Thema éischter riets oder konservativ Parteie gewonnen hun.

*André Hoffmann:* D'DP huet offensichtlech en Deel vun hire Gewënner der Pensiounsreform beim Staat ze verdanken. Dat heescht jo also, eng Rei vu Staatsbeamten, déi virdrun CSV gewielt hun, hu wahrscheinlech d'DP gewielt. An op der aner Säit huet den ADR gewonnen, well am private Rentesecteur näischt geschitt as. An ët as och elo erëm op där Table Ronde gesot gin, mir diskutéieren hei zu Lëtzebuerg an der leschter Zäit nëmmen méi iwwer Renten. An ech fannen dat am Fong eng schrecklech Ausso. Natiirlech gët ët vill aner Problemer, mä wann een esou eppes seet, da kennt een d'Situatioun zu Lëtzebuerg nët, da mecht ee wéi wann ët bei de Leit déi Problematik guer nët géif gin. Ech hun dobannen d'Beispill




*Photo: Grénge Spoun*

zitéiert vun enger Fra - e Beispill dat ech perséinlech kennen - déi kritt 29.000 Frang Rent, déi freet den RMG nët, déi gët aus hirer Wunnéng erausgesat, déi huet do e mässege Loyer bezuelt, déi fënnt keng aner Wunnéng wéi eng vun 21.000 Frang. Dat sin déi konkret Situatiounen. Déi Problematik as nët déi eenzech Problematik, mä ët as eng wichteg, well ët as einfach déi sozial Situatioun, an där eng ganz Partie Leit liewen. Den Erfolleg vum ADR, dee sech keen erwaart huet, ech och nët, zwéngt ee jo awer sech z'iwwerleën, firwat kréien déi esou vill Stëmmen bäi matt där Politik déi si machen, där Ausspillpolitik: Ausländer géint Lëtzebuerger, d'öffentlech Déngschter géint de private Secteur, d'Elteren géint d'Enseignantën an sou weider. Da muss ee sech iwwerleë, wat fir Leit sin dat a firwat wielen si se? Da klappt eppes nët an der Sozialpolitik vun dene grousse Parteien, ménger Meenung no. Ech soen nët den ADR as eng rietsextrem Partei zu Lëtzebuerg. Mä dat wat am Ausland geschitt as, wat a Frankräich geschitt as mam Front National, dat muss engem awer ze denke gin. Wat geschitt do um sozialen Terrain? Wat fir eng sozial Cohésioun geet do verluer, dass d'Leit op eemol sief ët rietsextrem, sief ët rietspopulistesch Parteie wielen? Da muss een sech Froe stellen.

**«Et gesäit ee, wéi wichteg ët an enger Demokratie as, dass ët ausserparlamentaresch Instanzen gët, déi hir Stëmm erhiewen ouni Rücksicht op Verloschter, an d'Politikgestaltung nët eleng de Parteien iwwerloossen.»**

*forum:* Et as jo och opfälleg, dass den ADR zum Beispill grad am Norde gewënnt wou en an der Chamber duerch Ofwiesenheet geglänzt huet a grad do kritt e Stëmme bäi, dat heescht am Baumilieu, wat jo sëcher nët dee Milieu as, deen sech zu Lëtzebuerg am beschten steet, awer och nët zu där klassescher Aarbechterklass gehéiert.

*André Hoffmann:* Ech sin an deem Sënn och frou, dass am Süden de Phänomen ADR sech a Grenzen hält. Dat heescht, dass awer déi al, son mir méi aarbechtergeprägte Bevölkerung nët esou liicht dorop erafällt. Dat si jo oft am Ausland Leit aus esou klenge Mëttelschichten, déi sech bedrot fillen an hirer Existenz. Mä och dat muss engem ze denke gin. Wat musse mir dann elo maache, fir dee Potential, deen do eventuell no riets oder souguer no extremriets geet oder no rietspopulistesch, fir deen ofzebauen?

*forum:* Grad och bei der LSAP goufët jo kloer versicht, keng Profiléierung ze hun, dat heescht sech als Partei ze positionnéieren, ouni Positiounen ze bezéien.

*André Hoffmann:* Jo, aus Angscht sëch ze wäit firzewoen an doduerch ënner Ëmstänn Stëmmen ze verléieren. Lo mierkt een awer un deem dote Resultat, dass dat laangfristeg nët opgeet. Also, wat fir mëch och ëmmer méi wichtëg gët, och de Walkampf huet dat erëm däitlech gemaach, dat as dass ët ausserparlamentaresch Instanzen gët, déi nët op Elekorat ugewise sin, dat heescht déi esou Calculen iwwerhaapt nët brauchen ze maachen. Et gesäit ee, wéi wichteg ët an enger Demokratie as, dass ët ausserparlamentaresch Instanzen gët, déi hir Stëmm erhiewen ouni Rücksicht op Verloschter, an d'Politikgestaltung nët eleng de Parteien iwwerloossen, inklusiv denen Lénken.

---

*D'Gespréicher goufen um Walsonndeg, 13. Juni 1999, owes op der Walparty vun RTL vum Serge Kollwelter a Michel Pauly opgeholl.* forum *seet RTL merci fir d'Invitatioun.*